adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 26. Januar 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Op meng mëndlech Fro (N°273) iwwert d'Presenz vum Wollef zu Lëtzebuerg hat d'Madamm Ministesch mir geäntwert, datt een d'Äntwerten zu all menge Froen an der Broschüre „Wölfe in Luxemburg“ kéint nosichen. Hei kann een effektiv Folgendes liesen: „Neben Wildtieren fallen auch Nutztiere ins Beuteschema der Wölfe. Vor allem ungeschützte Schafe und Ziegen sind für den Wolf eine leichte Beute. Finanzielle Einbußen für deren Besitzer, sowie Akzeptanzverluste sind die Folgen. Um Übergriffen vorzubeugen, können verschiedene Präventionsmaßnahmen wie Elektrozäune oder Herdenschutzhunde angewandt werden. Diese sind förderungsfähig und senken das Risiko von Übergriffen auf ein Minimum; hundertprozentigen Schutz gibt es allerdings nicht. Sollte es dennoch zu Verlusten durch den Wolf kommen, werden diese vom Staat entschädigt“. Allerdéngs beäntwert d'Broschür a kenger Weis meng konkret Froen zu de Gefore vun der Presenz vum Wollef am Hibléck op d'Schof- a Geessenziichter.

An deem Kontext erlaben ech mir, nach eemol dës Froen un d'Madamm Ministesch ze riichten:

1. Fir hir Häerde besser ze schützen, brauchen d'Schof- a Geessenziichter méi héich Clôturë vun annerhallwem bis zwee Meter. Kréien déi dovu betraffe Leit eng finanziell Ënnerstëtzung vum Staat fir dës zousätzlech Investitioun?
2. Am Fall wou ee Wollef en Déier räisst an déi aner Déier fortlafen, z.B. op eng Strooss, wou si méiglecherweis ugestouss ginn: Wien iwwerhëlt am genannte Fall d'Onkäschten, respektiv, d'Nofolgekäschten?
3. Am Fall wou sech de Wollef weider ausbreet hunn d'Erfarungen aus dem Ausland gewisen, datt d'Schof- a Geessenziichter zousätzlech en Häerdeschutzhond brauchen, ewéi z.B. de franséische Pyrenäen-Bierghond. Wie géif an deem Kontext finanziell fir d'Beschafen an d'Ausbildung vun esou engem Hond opkommen?

4. Am Fall wou déi betraffe Leit effektiv vu staatlechen Hëllefe profitéiere sollten: Opgrond vu wéi enger Basis, respektiv, no wéi enge Parameter ginn dës Hëllefe berechent? Ginn dës Hëllefen no der Gréisst vum Betrib gerechent oder ginn et hei weider Parameter? Wa jo, wéi gesinn dës Parameter konkret aus?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten